Samedis aux Théâtres

# Wien huet d'Box un an der lëtzebuergescher Operett?

**ENG TABLE RONDE MAT MUSIKALESCHEN INTERLUDEN**

théâtre des capucins

**Samschdeg, den 9. Dezember 2023 • 18.00 Auer**
**Am Théâtre des Capucins**

•

Dauer **ongeféier 1h30 (keng Paus)**

•

Samedi aux Théâtres organiséiert am Kader vun der Kreatioun *De Geescht oder d'Mumm Séis*

•

Moderatioun **Sonja Kmec**
Mam **Germaine Goetzinger, Samuel Hamen, Jeanne E. Glesener, Jonathan Kaell**
Gesang **Marianne Schilling & Kevin Massinon**
Piano **Claude Kraus**

•

Konzeptioun **Danielle Roster**
Organiséiert an Zesummenaarbecht mat **dem Geschichtsinstitut (IHIST) vun der Uni Lëtzebuerg & dem Conservatoire de la Ville de Luxembourg**

**Méindes, den 11. Dezember 2023 ëm 20.30 Auer**
**an der Cinémathèque**

## Mumm Sweet Mumm

Gratis Entrée fir d'Leit déi een Ticket hu fir eng vun de Virstellungen vun *De Geescht oder D'Mumm Séis* am Groussen Theater (den Ticket muss an der Kees vun der Cinémathèque gewise ginn)

**Introduktioun zum Film**
**vum Regisseur Jacques Schiltz & senger Ekipp**

CINEMA THEQUE

# WIEN HUET D'BOX UN AN DER LËTZEBUERGESCHER OPERETT?

## ENG TABLE RONDE MAT MUSIKALESCHEN INTERLUDEN

1. Terzett: **MUMM SÉIS:** Et wor mol ee Kanonéier (ofwiesselnd falsettéiert an oktavéiert)

2. Solo an Duo: **KÄTTÉI, PÉITER:** Du brauchs mer näischt ze schwieren

3. **HEXENTOMMES:** Ech sinn ee groussen Hexemeeschter

Zugabe: Duett: **KÄTTÉI, MUMM SÉIS:** Mimi, Dir kritt mech net drun, T'ass ee Gléck ké Mann ze hunn

Datt an den Opere vum italieenesche Barock Männer d'Rolle vu Frae gesongen hunn, ass spéitstens säit dem Film *Farinelli* (1994) méi breet bekannt. Wéineg Leit awer wëssen, dass an den éischten Operette vum Dicks d'Fraerollen och nach vu Männer gesonge goufen. D'Maanskärele aus dem Veräin „Gym", déi se deemools opgefouert hunn, wollten eben ënnert sech bleiwen... Ma wéi huet dat geklongen? Dat woe mer an engem musikaleschen Experiment, bei deem Männer d'Fraerolle sangen. Wéi anescht héiert a gesäit een d'Mumm Séis deemno wat fir ee Geschlecht se interpretéiert? A wat hält den Dicks dann iwwerhaapt vun de Fraen wéi vill Raum a Fräiraum gëtt hien hinnen?

Kaum bekannt ass och, dass déi éischt a bis haut eenzeg lëtzebuergesch Operett aus der Fieder vun enger Komponistin al Rollemuster op de Kapp stellt, wann och an anerer Form wéi beim Dicks: D'Lou Koster an hire Librettist Batty Weber bréngen 1922 déi Nei Fra, d'Garçonne vun de *Roaring Twenties* op d'Bün, sportlech am Maillot an *An der Schwemm*, a fuerdere mam Bild vum Fräischwammen am choureschem Gläichklang eng Gläichberechtegung vun de Fraen. Wat soen eis déi Operetten 200 oder 100 Joer méi spéit? Ass „sech fräischwammen" nach een Thema an enger héchst individualiséierter Gesellschaft? Ginn et iwwerhaapt nach Männer- a Fraerollen an der Musék, der Literatur an der Gesellschaft?

# BIOGRAFIEN

## Sonja Kmec

**MODERATIOUN**

D'Sonja Kmec (geb. 1976) huet zu Paräis, Durham an Oxford Geschicht studéiert. Zanter 2010 ass si Prof fir Kulturgeschicht op der Universitéit Lëtzebuerg. Si ass Direktrice vum Master en histoire européenne contemporaine, an enseignéiert och am Bachelor en cultures européennes. Si fuerscht iwwert Erënnerungskultur, Populärkultur, Geschlecht & Gesellschaft am Kader vun europäesche Projeten wéi „CeMi. Cemeteries and Crematoria as Public Spaces of Belonging" (cemi-hera.org) an „Popkult60. Transnational popular culture – Europe in the long 1960s" (popkult60.eu). Zanter 2022 leet si, zesummen mam Danielle Roster an Anne Schiltz, de Fuerschungsprojet „Musek an Gender zu Lëtzebuerg" (mugi.lu). Hier Co-Editiounen ëmfassen

*Mobilities in Life and Death. Negotiating room for migrants and minorities in European cemeteries* (Springer 2023); *Ewige Ruhe? Grabkulturen in Luxemburg und den Nachbarregionen* (Capybarabooks 2019); *Mit den Haien streiten. Frauen- und Gendergeschichte in Luxemburg nach 1940. Femmes et genre au Luxembourg depuis 1940* (Capybarabooks 2018); *Histoire partagée – Mémoire divisée. Erinnerungskultur in grenzüberschreitender Perspektive* (universaar 2016); *Das Gespenst des Feminismus. Frauenbewegung in Luxemburg gestern – heute – morgen* (Jonas Verlag, 2012); *Lieux de mémoire au Luxembourg*, 2 vols. (Saint-Paul, 2007-2012); *Inventing Luxembourg. Representations of the Past, Space and Language from the Nineteenth to the Twenty-first Century* (Brill 2010).



## Germaine Goetzinger

**INTERVENANTE**

Germaine Goetzinger, Joergang 1947 huet no der Première am Lycée de Jeunes Filles zu Esch-Uelzecht am Institut pédagoqique vu Walfer Pédagogie studéiert, duerno Germanistik a Geschicht op der Universitéit Tübingen. Vun 1973 bis 1995 war si Däitsch- a Geschichtsproff a verschiddene Lycéeën. 1995 gouf si Chargée de direction, duerno Direktesch vum Centre national de littérature/Lëtzebuerger Literaturarchiv zu Miersch. Do huet si reegelméißig Ausstellungen zu literareschen Theme kuratéiert, ënnert aneren iwwer den Dicks, d'Gäscht vun der Aline Mayrisch zu Colpech a Lëtzebuerg als Exilland an den 1930er Joren. Si huet de Luxemburger Autorenlexikon erausginn an d'Kinderbuchautoren-Residenz *Struwwelpippi kommt zur Springprozession* initiéiert. 2012 goung si an d'Pensioun an ass haut Directrice honoraire vum Literaturarchiv. Hir Haaptforschungsgebitter, zu deenen si reegelméisseg veröffentlecht, sinn déi däitsch Literatur vum Vormärz, d'Lëtzebuerger Literatur, d'Fraebeweegung an de jüddeschen Exil zu Lëtzebuerg. 2013 koum am ultimomondo-Verlag eng Anthologie mat enger Auswiel vun hire Rieden eraus. 2015 huet si an enger kommentéierter Editioun ënner dem Titel *La grande guerre au Luxembourg 1914-1916* d'Tagebuch vun deem sozialdemokrateschen Deputéierten a Minister Michel Welter erausginn. 2022 koum bei den Éditions Guy Binsfeld d'*Biographie Aline Mayrisch-de-Saint Hubert 1874-1947. Ein Frauenleben im Spannungsfeld von Feminismus, sozialer Arbeit und Literatur* eraus. Fir dëst Wierk gouf si 2023 mam Lëtzebuerger Buchpräis (Kategorie Sachbuch) ausgezeechent.

## Samuel Hamen

**INTERVENANT**

De Samuel Hamen lieft a schafft als fräien Auteur zu Dikrech an zu Heidelberg. Seng Wierker ginn ë. a. vun *Éditions Guy Binsfeld*, Lëtzebuerg a *Matthes & Seitz Berlin* veröffentlecht. Als Literaturkritiker ass hien ë. a. fir *ZEIT Online* a fir den

*Deutschlandfunk* aktiv. Theatertexter vun him sinn an Anthologië vun *Hydre Éditions* ze fannen. Fir säi literarescht Wierk gouf hien dacks ausgezeechent, ë. a. mat dem *Lëtzebuerger Buchpräis* fir den Erzielband *Zeeechen* (2020) an engem Stipendium vun der *Roger-Willemsen-Stiftung*. Fir d'lescht ass am Mee 2023 säin Debütroman *Wie die Fliegen* bei *diaphanes*, Zürich erauskomm. An de Saisonen 22/23 an 23/24 ass hien auteur en résidence am *Théâtre National du Luxembourg* (TNL). 2019 gouf säi Stéck *ëm-* iwwer eng russesch Emigrantefamill zu Wolz uropgefouert, ee Joer duerno war am *Escher Theater* seng Adaptatioun vum Klassiker *Was heißt hier Liebe?* ze gesinn. Am Fréijoer 2023 huet den TNL eng vun him arrangéiert zeenesch Liesung ënner dem Titel *False Sun. Scenes from Anna Kavan's Literature* gewisen.

## Jeanne E. Glesener

**INTERVENANTE**

D'Jeanne E. Glesener ass Professer fir Lëtzebuergesch Literatur op der Uni Lëtzebuerg a Member vum Koordinatiounskomitee Comparative History of Literatures in European Languages vun der Association internationale de littérature comparée. Hir Recherche an hir Publikatiounen hun als Sujet Lëtzebuergesch Literatur a Kulturgeschicht, kleng Literaturen an Europa a Migratiounsliteratur an Europa.

Rezent Publikatiounen:

- *Weltliteratur und Kleine Literaturen*, Würzburg, Königshausen & Neumann, 2022, mam Oliver Kohns.
- *Le milieu littéraire et ses représentations*, Nancy, Presses Universitaires de Lorraine, 2022, mam Carole Bisenius-Penin.
- *«Littérature cherche style? Le cas de la littérature luxembourgeoise plurilingue des années 1980–1990»*, dans Paul Dirkx (dir.), *Le Nationalisme en littérature (III). Écritures «françaises» et nations européennes dans la tourmente (1940-2000)*, coll. Convergences, vol 105, Bruxelles, Peter Lang, 2022, p. 155-169.
- *«Representaciones (ficticias) de un pequeño medio literario: el caso de la literatura luxemburguesa»,* dans *Theory Now: Journal of Literature, Critique, and Thought*, 5.1 2022, p. 77-96

## Jonathan Kaell

**INTERVENANT**

Piano-, Kontrabass- an Dirigéierstudium op den Héichschoule Rotterdam, Den Haag, Saarbrécken a Maastricht. 2004–2020 Lehrauftrag fir Dirigéieren a Partiturspill un der Hochschule für Musik Saar. Bis 2007–2014 Dirigent vum Ensemble fir Nei Musék vun der Musékshéichschoul. Verschidden Optrëtter als Gaaschtdirigent un de Staatstheatere Saarbrécken an Oldenburg, säit 2004 reegelméisseg als Dirigent op verschiddene Produktiounen am Merziger Zeltpalast engagéiert. Zanter 2012 Dirigent vum Homburger Sinfonieorchester. 2009 huet hien den Opbau vun Opera mobile ze Lëtzebuerg an der Groussregioun initiéiert. Vill Radioopnamen an Holland a beim Saarländischen Rundfunk, iwwer 50 Weltpremièren vu jonke Komponisten. Bayreuth-Stipendium vum Richard-Wagner-Verband a Stipendium vun der hollännescher Regierung.

## Marianne Schilling

**GESANG**

D'Marianne Schilling huet am Alter vu 7 Joer hier éischt musikalesch Erfarungen am Stater Conservatoire gemaach. Niewent Gei a Clavecin huet si schonn ëmmer gäre gesongen, an der Chorale enfantine vum Conservatoire, sou wei an anere Chorallen an Ensembelen an der Schoul an an der Fräizäit. Éischt Bünenerfarungen huet si am Lycée gemaach, am Kader vum Schülerconcert „Kolléisch in Concert“ deen hier Schoul ee mol am Joer organiséiert huet. Wärend der ganzer Schoulzäit war d›Musek e feste Bestanddeel an hirem Alldag, allerdéngs huet si sech ni virgestallt d'Musek zu hirem Beruff ze maachen. No enger laanger Paus am Conservatoire,

an no engem ofgeschlossene Studium an der Medezin huet d'Marianne Schilling allerdéngs de Wee zréck an de Conservatoire fonnt, wou si elo säit 8 Joer Coursen am Chant classique hëlt an en éischte Präis virbereet. Esou bleift d'Musek e feste Bestanddeel an hirem Alldag en e flotten Ausgläich zum Beruff.

## Kevin Massinon

**GESANG**

De Kevin Massinon huet seng Leidenschaft fir d'Sangen an de Reie vun der Chorale Sainte-Cécile Folschette entdeckt, wou hie säit 2013 Member ass. Well hien an de Prouwen ëmmer gäre matgesongen hat wann d'Fraen hir Stëmme geprouft hunn, huet hien decidéiert, sech 2015 als Student am Stater Conservatoire an der Klass vum Marc Dostert anzeschreiwen, an zwar als Counter-Tenor. De Kevin huet fréier reegelméisseg als Sänger bei den „Duke's Singers" an an der Maîtrise vun der „Cathédrale Notre-Dame" als Alt an Tenor ausgehollef. Och an der Klass vun der Art Lyrique war hie vun 2016 bis 2022 aktiv, wou hien ënnert Anerem an den Operen *L'enfant et les sortilèges* (Ravel) an *Die Zauberflöte* (Mozart) matgewierkt huet. Am Kader vun der „HfM Saar Summer School Choir Academy" krut hie jeeweils 2017 an 2019 e Stipendium fir sech kënne bei professionellen däitsche Chouer-Sänger weiderzebilden, dorënner den Daniel Schreiber, Tilmann Kögel, Florian Cramer an Henning Jensen. Säit 2023 trëtt de Kevin, à la Base Militärmuseker, och als Sänger virun der Militärmusek als Gesank-Solist op, wou hien ënnert Anerem och scho Lidder vum Dicks interpretéiert huet. Op nationalem Plang huet hien 2021 den Diplôme du 1er Prix am Sange mat Distinctioun ofgeschloss a preparéiert aktuell beim Marc Dostert säin Diplôme du Supérieur.

## Claude Kraus

**PIANO**

De Claude Kraus gouf 1988 zu Lëtzebuerg gebuer, wou hie säi musikalesche Wee am Conservatoire de Musique du Nord zu Ettelbréck ufänkt. Hei kritt hien seng éischt Coursen am Piano beim Stefano Evangelista. 2009 schléisst hien seng Studien zu Lëtzebuerg beim Jean Muller of a studéiert dono Piano bei de Professeren Thomas Duis a Fedele Antonicelli op der Hochschule für Musik Saar, wou hie spéider och nach e Master an zäitgenëssescher Musek beim Professer Stefan Litwin ofschléisst. Seng Studien ergänzt hie privat wéi och a verschiddenen Masterclasses bei Pianisten a Museker wéi dem Masahi Katayama, Tatevik Mokatsian, Eduard Brunner, Ludek Sabaka, Florian Hölscher, Yukiko Sugawara-Lachenmann ewéi och beim Komponist Helmut Lachenmann. Niewent dem Pianosstudium besicht hien och Coursen an der Klarinett beim Alain Hecker, Sébastien Duguet a Matthias Höfer, esou wéi an der Kompositioun beim Marcel Reuter an Arnulf Herrmann. Seng Wierker an Arrangementer ginn ënner anerem vun dem Robert Schuman Chor, The Duke's Singers, Ensemble Vocal du Luxembourg (EVL), D'Cojellico's Jangen, United Instruments of Lucilin, Orchestre de Chambre du Luxembourg (OCL) an der Kammerata Luxembourg opgefouert. De Claude Kraus ass Professer fir Piano am Stater Conservatoire.

## Danielle Roster

**KONZEPTIOUN**

Danielle Roster huet Musekswëssenschaft a Konschtgeschicht zu Salzburg studéiert. Si fuerscht, schreift a publizéiert haaptsächlech am Themeberäich Musek an Gender. Si huet laang Zäit am Cid Fraen an Gender geschafft an do ënner anerem d'Archiven Lou Koster an Helen Buchholtz gegrënnt a war verantwortlech fir Museksprojeten a Bicher-, Nouten- an CD-Editiounen. Aktuell schafft si als Museksfuerscherin op der Universitéit Lëtzebuerg a leet do zesumme mam Sonja

Kmec an Anne Schiltz ë.a. de Projet Musik und Gender in Luxemburg (https://mugi.lu/, https://history.uni.lu/mugilu/). Si séngt säit 1999 am Ensemble Vocal du Luxembourg an ass säit 2014 Member am Institut grand-ducal – Section des arts et des lettres.

E puer vun hiren eegene Publikatiounen:

- *Lou Koster. Komponieren in Luxemburg*. Wien, Köln, Weimar: Böhlau Verlag, 2019.
- Germaine Goetzinger, Sonja Kmec, Danielle Roster, Renée Wagener (CID Fraen an Gender), Hg.: *Mit den Haien streiten. Frauen und Gender in Luxemburg seit 1940. Femmes et genre au Luxembourg depuis 1940.* Luxemburg: capybarabooks, 2018.
- Danielle Roster, Melanie Unseld, Hg. *Komponistinnen in Luxemburg: Helen Buchholtz (1877-1953) und Lou Koster (1889-1973).* Köln, Wien, Weimar: Böhlau, 2014.
- Danielle Roster, Renée Wagener (CID Fraen an Gender), Hg.: *Not the girl you're looking for. Melusina rediscovered: Objekt + Subjekt Frau in der Kultur Luxemburgs.* Luxemburg 2010.
- *Die großen Komponistinnen.* Frankfurt/Main: Insel Verlag 1998.




**Groussen Theater**
**17. – 23. Dezember 2023**

**saison**
**23 · 24**
L'émotion au pluriel.

# De Geescht oder D'Mumm Séis

**Samuel Hamen, Ivan Boumans an Dicks • Jacques Schiltz**

Fischer Batty © Photothèque de la Ville de Luxembourg / © boshua



théâtre·s de la Ville de Luxembourg

VILLE DE LUXEMBOURG

informatiounen & reservatiounen:
**www.lestheatres.lu**

# Cercle des spectateurs

saison
23 · 24
L'émotion au pluriel.

Il vous offre – sur certains spectacles en création aux Théâtres de la Ville – la possibilité de suivre des étapes de travail en assistant à quelques-unes des répétitions et en rencontrant les équipes, artistique et technique, qui en assurent la réalisation.

**Informations & inscriptions:**
**lestheatres@vdl.lu**



**Impressum**
**Impression** Atelier reprographique Ville de Luxembourg

saison

# 23 · 24

théâtre•s de la Ville de Luxembourg

Ville de Luxembourg

**théâtre•s de la Ville de Luxembourg**

grand théâtre • 1, rond-point schuman • L-2525 luxembourg
théâtre des capucins • 9, place du théâtre • L-2613 luxembourg

www.lestheatres.lu • lestheatres@vdl.lu • lestheatresvdl